



ALTERS- A FLEEGEHEEMER

# Och no der Impfung sanitär Mesuren anhalen

03. Abr 2021 - 18:00

Eng Covid-19-Impfung bedeit net direkt e Liewen zeréck an d'Normalitéit. Dat weisen rezent Beispiller aus den Alters- a Fleegeheemer, wou och no der Impfung nees sanitär Mesure misste geholl ginn. D'Residenten hunn an der Reegel keng staark Symptomer méi, mee kënnen nach positiv getest ginn.

*Maxi Pesch*



*Symbolbild. Foto: Bigstock / Chinnapong*

Ee Beispill ass déi Stater Fondation Pescatore. Hei goufen ënnert der Woch 22 Residente positiv op de Coronavirus getest, 3 Wochen no der Impfung. Dat confirméiert den Direkter vun der Struktur. Alleguerten d'Leit déi positiv op de Coronavirus getest goufe wieren den Ament awer asymptomatesch. Méi Detailler wollt d'Haus op Nofro hin net ginn.

Aus der Note interne déi eis virleit kann een awer erausliesen, datt d'Strukturen trotz der Impfung sech weiderhi müssen un déi selwecht Sanitär Mesuren halen, déi d'Santé recommandéiert wa positiv Fäll detektéiert ginn.

Deemno sinn an der Fondatioun Pescatore iwwer 30 Awunner a Quarantän komm, well se a Kontakt mat positive Persoune waren, heescht et an der Nott. D'Visitten op de Kummere sinn zënter leschtem Samschde verbueden. Sortien déi net urgent sinn, ginn deconseilléiert an d'Restauranten an d'Cafeteriae bleiwen zou. Dat wier net erstaunlech, seet d'Netty Klein vun der Copas:

*"Et war ze erwaarden, datt esou Fäll géifen opdauchen. Well eng Impfung ass jo ni 100 Prozenteg a mir musse wëssen, datt bei eelere Leit den Immunsystem manner séier reagiert wéi bei jonke Leit. Dofir huet ee misste vun Ufank un dovun ausgoen, datt ëmmer nach e Risiko besteet. An dofir hu mir drop higewisen datt d'Geste Barrière mussen agehale ginn an d'Maske mussen ugehale ginn."*

Speziell Recommandatioune wéi d'Haiser no der Impfung mat positive Fäll ëmginn, ginn et bis ewell nach keng.